



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 5121 huet den Här Energieminister iwwer d'Modalitéiten an d'Tariffer vun der Einspeisevergütung fir d'Bedreiwer vu Photovoltaikanlagen ënner anerem dat hei geschriwwen: *"Den Aspeisetarif gëtt opgrond vun der Nennleeschtung vun enger Anlag an opgrond vum Aspeisejoer ermëttelt. Déi Tariffer sinn am "règlement grand-ducal modifié du 1er août 2014 relatif à la production d'électricité basée sur les sources d'énergie renouvelables" festgeluecht [...] De Maartpräis kënn bei gréissere Photovoltaikanlagen, also ab enger Leeschtung vun 200 kW an d'Spill. Am Cahier des charges vun den Ausschreibungen ass ee "contrat de prime de marché" virgesinn. Den Anlagebedreiwer muss sech selwer ee sougenannten Direktvermarkter sichen dee fir hien de produzierte Stroum um Maart ënnerbréngt. De Reseauxbedreiwer bezilt dem Anlagebedreiwer dann nach déi eventuell Differenz tëschen dem Referenzpräis deen d'Anlag iwwer 15 Joer garantéiert huet an dem Maartpräis vum Stroum". Sou wéi et mir zougedroe gouf, huet d'ENOVOS am Kader vun der allgemenger Energiekris viru kuerzem och d'Präisser vun hirem Naturstrom "Nova" ëm 30 bis 40 Prozent erhéicht, obwuel hei keng zousätzlech Käschten duerch Sanktiounen ugefall sinn an ouni dës Präiserhéijung un déi privat Biergerproduzente weiderzeginn.*

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Energieminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister déi Virgäng confirméieren? Falls jo, kann den Här Minister präziséieren, op déi genannte Präiserhéijung eleng op nei Zousazkäschten zeréckzeféieren ass an aus wéi enge verännerten Ëmstänn se resultéieren?
- 2) Kann den Här Minister matdeelen, ob de Bedreiwer vum Reseau och verpflichtet ass, Beneficer aus erhéichte Maartpräisser, déi iwwert dem Garantiepräis leie proportional u privat Biergerproduzente weiderzerechen? Kann den Här Minister an deem Zesammenhang präziséieren, ob de legalen Aspeisetarif och réckwierkend zu Gonschte vun de private Biergerproduzente kann ugepasst ginn?
- 3) Kann den Här Minister matdeelen, wéi eng Delaien a Virlafprozedure privat Biergerproduzente mussen anhalen, falls si opgrond vun engem verännerte Maartëmfeld vun der Aspeisung op den Eegekonsum vun hirem privat produzierte Stroum wëllen ëmstellen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten